LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

Luxembourg, le 24 MARS 2020

**Monsieur Marc Hansen**
**Ministre aux Relations avec**
**le Parlement**

**Service Central de Législation**
**Luxembourg**

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le :
24 MARS 2020

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe la réponse à la question parlementaire N°1936 du 26 février 2020 de l'honorable député Monsieur Jeff Engelen, concernant le conflit d'intérêts en relation avec le service de transport pour personnes à mobilité réduite (Adapto), tout en vous priant de bien vouloir en assurer la transmission à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Recevez, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

**François Bausch**
**Ministre de la Mobilité**
**et des Travaux publics**

**Äntwert vum Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, François Bausch, op d'parlamentaresch Fro n°1936 vum 26. Februar 2020 vum honorabelen Deputéierte Jeff Engelen iwwert " Conflit d'intérêts en relation avec le service de transport pour personnes à mobilité réduite (Adapto) "**

Den honorablen Deputéierten huet no senger Fro Nummer 1890 vum 17. Februar zum Adapto, hei elo nach Froën betreffend d'Plattform opgeworf iwwer déi d'Faarten vum Adapto géréiert ginn.

1. Den Transportdepartement huet am Hierscht 2019 en détailléierten Cahier des Charges opgestallt. Sou wéi d'Gesetz iwwer d'Marchés publics et virgesäit, goufen verschidden Offeren gefrot, an zwar bei 4 verschidden Fournisseuren an net just bei 3. D'Offeren sollten ënner dem gesetzleche Plafong vun 120.000 € HTVA leien.

2. Vun de 4 Fournisseuren hunn der 3 eng Offer gemach. Dovunner gouf deen wirtschaftlech am Beschte placéierten erausgesicht, dest war di lëtzebuergesch Firma „Utopian Future Technologies S.A." (UFT). D'Critèren fir d'Offeren ze évaluéieren waren wi folgt:

| | |
|---|---|
| Besoins fonctionnels : | 350 points |
| Aspects non-fonctionnels : | 150 points |
| Coûts de la solution : | 350 points |
| Réduction des coûts du service : | 150 points |

3. Ech ka bestätegen, dass eng lëtzebuerger Busfirma virun dëser Ausschreiwung mat der Firma UFT en anere Projet ënnerstëtzt hat, an zwar fir e grenziwwerschreidenden Ruffbussystem ze erméiglechen. An deem Projet deen sech „Kussbus" genannt huet, huet UFT dat technologescht Wëssen a punkto Algorythmen fir eng Ruffbusapplicatioun agesat an d'Busfirma huet d'Transportleeschtung assuréiert. UFT gouf zu finanziell och als Startup vum Wirtschaftsministère ënnerstëtzt. Entretemps ass de Projet Kussbus awer agesallt ginn. D'Busfirma huet haut just nach e ganz klengen Deel Part'en bei UFT (5,8%).

4. D'Plattform déi fir den Adapto benotzt gëtt an mat där d'Faarten och verdeelt ginn, ënnersteet ganz der Kontroll vum Transportdepartement. Méng Servicer kënne flexibel an onofhängeg vun UFT déi verschidde Parameter selwer astellen, wéi Faarten verdeelt ginn, ob z.B. e méi oder manner groussen Ëmwee mat engem Client gefuer gëtt, oder wéi Leerfaarten ausgerechent ginn fir e Client sichen ze goen. Soumat ass all finanziellen Interessekonflikt tëschend UFT an dëser Busfirma aus dem Wee geraumt.